# GRAFIK
# DIGITAL
# PRINT
# & MORE

**BLOCKNOTE.**MEDIA

in English / en Français /
auf Deutsch

GRAFIK S.8
S.10 DIGITAL
PRINT S.12
S.14 & MORE

BLOCKNOTE.MEDIA



# BLOCKNOTE.MEDIA

## GRAFIK, DIGITAL, PRINT & MORE

Vun Ufank un oder matzendran, een eegene Logo, Charte Graphique oder konkrete Projet am Grafik-, Web-, Print-, oder Event-Beräich? Duerch eis villsäiteg Erfarung a verschiddene Beräicher kënne mir Iech mat Sécherheet beschtméiglech beroden an Är Iddien empathesch an effikass ëmsetzen.

Portfolio : www.blocknote.lu

Moien

# Iwwert eis

Blocknote Media gouf 2019 vum Sandro gegrënnt. Mat iwwer 10 Joer Grafik a Webmaster Erfarung konnt hie säi Portfolio séier vergréisseren. Mam Jérôme konnten déi verschidde Beräicher elo erweidert ginn.

De Jérôme huet iwwer 15 Joer Beruffserfarung an zesumme fannen déi 2 op Mooss geschneidert Solutiounen, passend fir Iech. Zäitno an ouni administrativen Hick-Hack gi si perséinlech a flexibel op Är Wënsch an.

**Dir hutt eng einfach Fro oder braucht direkt eng konkret Offer? Zéckt net Blocknote Media onverbindlech ze kontaktéieren a loosst Iech iwwerraschen. Dir wäert begeeschtert sinn!**

## DI PERFEKT SOLUTIOUN FIR ÄRE BESOIN.

# GRAFIK

BLOCKNOTE.MEDIA

**Aus Ärer Iddi gouf ee Projet! Felicitatioun!**

**Lo ass et wichteg deem Ganzen ee perséinlecht Gesiicht ze ginn. Een Image deen aus der Mass erausstécht an ëmmer nees erkannt wäert ginn.**

**Am Web, Print a bei Ären Eventer, konzentréiert Dir Iech ob Äert Ziel, Äre Public a mir suergen am Hannergrond derfir, dat Dir bei Ärer Clientèle a wonnerbarer Erënnerung bleift.**

**Komplett Léisungen oder just op een definéierte Beräich fokusséiert, eis Flexibilitéit ass keen eidelt Verspriechen. Mir passen eis Iech un. Versprach!**






Wengler Châteaux & Domaines - www.wengler.lu

# DIGITAL

**Déi aflossräichst Plattform mëttlerweil ass den Internet, keng Fro! Dir braucht Ënnerstëtzung fir eng éischtklasseg Präsenz am Web?**

**Benotzerfrëndlechkeet, modernen Design, Contenu a Sichmaschinn-Optimiséierung loossen Är Internetsäit aus der Mass erausstiechen. Dee wichtegste Schlëssel zum Erfolleg! Bei Blocknote Media sidd Dir am World Wide Web a gudden Hänn. Garantéiert!**

## Individuell Web Projeten

Mat engem individuelle Web Projet, hutt Dir eng perséinlech Léisung, déi zu 100% op Är Bedürfnisser passt.

## Webhosting, Domain & Maintenance

Als Komplett-Service Agence hu mir och d'Léisung fir den Hosting, Domain a Maintenance, mat héichwäertegen an effiziente Serveren a ganz Europa.

## Web Design

Modernen a benotzerfrëndlechen Design, um Smartphone, Tablett oder PC. Dat muss alles stëmmeg sinn! Iwwerzeegen ouni Stress! De Client wäert Iech dankbar sinn.

## E-Commerce

Online Shopping boomt. Do ziele mir Iech näischt Neies. Wann Dir eis Ënnerstëtzung braucht, fir Äre Produit op eng flott Aart a Weis un de Keefer ze bréngen; mir si gär fir Iech do. Online Shopping mat Freed fir de Client, dat ass hei d'Ziel.



Riman Immobilien - www.riman.lu




Riman Immobilien - Broschür

## BLOCKNOTE.MEDIA

# PRINT

Heiansdo léisst een de Computer och bewosst mol op der Säit. Do kënnt de Print-Beräich an d’Spill. Eng schéi Broschür oder eng uspriechend Affiche sinn nach ëmmer bedeitend fir dem Client an d’A ze stiechen an am Verhalt ze bleiwen. Loosst Iech vun eis beandrocken, well näischt inspiréiert eis méi wéi ee wäisst Blat.

## All verschidden

Mir sinn oppe fir verschidden Alternativen. Vum einfachen Depliant iwwer informativ Broschüren oder verspillte Pechbiller fanne mir d‘Léisung fir Ärem Client déi richteg Messagen ze vermëttelen.




UMW - Magazine

www.blocknote.lu

## Alles aus enger Hand

Bléift ëmmer am Bléck! Perséinlech Enveloppen, Visittekaarten, Stempelen a méi, mir stellen alles fir Ären Alldag bereet. Natierlech alles mat Ärer ganz eegener Signatur.



Coiffure Orhan Borscheid - Bong Client


Les Parries au Luxembourg - Buch

## Ee Projet mat Häerz

Dir hutt scho länger eng ganz besonnesch Iddi a wësst net sou richteg wéi Dir se kreativ ëmsetze këint? Vläicht wëllt Dir Är aussergewéinlech Geschicht an engem flotte Buch gesinn? Mir stinn Iech gär zur Säit.

www.blocknote.lu

**BLOCKNOTE**.MEDIA

# & MORE

**Ee breede Public begeeschteren? Näischt passt dofir besser wéi eis weider Solutiounen. Ob am Grouss-Format wéi Banner, Fändelen, beschrëften Autoen oder méi diskret fir mat personaliséierten Textilien a Publicitéits-Cadeauen, mir kréien dat alles hin.**



BAKO - Stand


Pangea in Love - T-Shirt Drock

## Grouss Format

Fändelen, Banner, Panneauen, Roll-ups … mir bidden Iech alles un. Dir entscheet wat bei Iech passt. Opfalen an der Ëffentlechkeet ass Iech versprach!

## Personaliséiert Kleeder

Dir sidd ee super Team a wëllt Gezei wat Iech verbënnt? Mat personaliséierte Kleeder hannerloosst dir ee bleiwenden Androck.

## Werbe-Geschenk

Mir bidden eng Panoplie vu witzege bis praktesche Gadgeten an alle Präiskategorien. Dat Richtegt ass fir Iech bestëmmt derbäi!

## Äre Lettrage

Ob Autoen, Vitrinen oder punktuell Evenementer. Mir riichten de Bléck direkt ob déi wichteg Plaz.

www.blocknote.lu



Radio ARA - Werbe-Geschenk



Margréitchen - Vitrine

# GRAFIK, DIG
# & MORE

**Dir hutt eng einfach Fro oder braucht zäitno eng konkret Offer? Zéckt net eis ze kontaktéieren, mir beroden lech onverbindlech a mat grousser Freed.**



Sandro Rizzo



Jérôme Boor

# ITAL, PRINT




BLOCKNOTE.MEDIA

## De perfekte Partner

**hello@blocknote.lu**
**+352 26 71 43 84**

Grafik & Digital :
Sandro Rizzo
+352 26 71 43 84
sandro@blocknote.lu

Grafik & Print :
Jérôme Boor
+352 26 71 43 84 -92
jerome@blocknote.lu

### Blocknote Media

Aus Léift zum Design awer virun allem zum Mënsch, deen eng empathesch Berodung fir säi Projet brauch, ass Blocknote Media enstaan.

Quasi onendlech Méiglechkeeten: Mir wëllen Iech ënnerstëtzen déi perfekt Léisung fir Äre Besoin awer och fir Äre Budget ze fannen. Mir sinn do fir Är Wënsch an d'Realitéit ëmzesetzen.

**Villmools Merci fir Ärt Vertrauen.**

www.blocknote.lu

# bis geschwënn

**see you soon / à bientôt / bis bald**

**BLOCKNOTE**.MEDIA

+352 26 71 43 84
www.blocknote.lu
hello@blocknote.lu
2, rue Roger Streff, L-6619 Wasserbillig